ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 24. September 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

De Lëtzebuerger Staat keeft zanter Joren verschiddentlech eenzel Land- oder Bëschparzellen op, net nëmmen fir den Neibau vu Stroossen oder ëffentlech Gebaier, mee och fir ze kompenséieren asw. Laut dem neiem Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018 hunn de Staat, d'Gemengen an d'Gemengesyndikater ee Virkafsrecht op Terrainen, déi an nationalen Naturschutzgebidder leien.

An deem Kontext géif ech dem Här Minister gär dës Froe stellen :

1.) Wéi vill Hektar huet de Lëtzebuerger Staat an de leschten 10 Joer selwer kaaft, ausgeholl déi Parzellen, déi fir een Neibau vu Stroossen oder ëffentlech Gebaier gebraucht ginn? Wéi deelt dat sech op déi eenzel Regiounen op?
2.) Wéi vill Hektar goufe vun dëse Parzelle kompenséiert a wéi gesinn dës Kompensatiounsmesure konkret aus ?
3.) De Lëtzebuerger Staat bedeelegt sech och finanziell beim Kaf vu Land oder Bëscher bei der natur&ëmwelt-Fondatioun *Hëllef fir d'Natur*. Wéi vill Hektar goufen hei finanziell ënnerstëtzt?
4.) Zanter dem Akraafttriede vum Naturschutzgesetz am Joer 2018: Wéi vill Hektar goufe fir dësen Zweck bis elo kaaft a wéi deelt dëst sech no Regiounen op?
5.) Wéi huet sech den Hektar-Präis vum Land a vum Bësch an deene leschten 10 Joer entwéckelt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten